

## Alcohol

Ech sin verdammt, total ausgebrannt  
Wat zielt as d'Geld, wat eng schäiss Welt

An wann ët mär eemol engkéier wirklech dreckeg geet  
Dann gin ech en gudden saufen, dat tréischt mäin Leed  
An all Suerg vergeet, wann ët mär dreckeg geet  
Wat den Alcohol heet, mär deet näischt méi Leed  
Ech gin äiskal, mär as alles egal.

### Alcohol am Blut

Eiwech Power, kurz Liewensdauer  
Dat mecht krank, Liewerziiros as den Dank

Ech hun eng am Gesicht an vill getéint  
Mäin Gesicht dat blengt, ech hun den Däiwel begéint  
Mäin Liewen as geléint, oh wat dat dréint  
Ech sin esou zou, an am Aasch keng Rou  
Dat geet séier, an scharf em d'Kéier  
Alcohol am Blut

2 Promille - dat as zevill  
Dat hieft den Mutt - Alcohol am Blut.

Wat as den Präis, am Kapp nëmmen Schäiss  
Alles as débill, dat as een geilt Gefill  
Am Kapp nëmmen Sauerei, ech sin nët méi Trei  
Ech muss eraus an d'Haus fir d'Verhouert Sai  
Ech vesaufen meng Pai, ech sin nët méi Trei  
Ech hun mäin neit vernannt, hatt as mär fort gerannt  
Ech gin agressiv, bei mär leeft alles schif

2 Promille - dat as zevill  
Dat hieft den Mutt - Alcohol am Blut.

## Oh Gott

'T glewt nët jiddereen un Gott wann een stierwt  
Mecht dann nët jiddereen säin éischt Gebiet  
Soll heen eis dann nach en bessen Liewen schenken  
Fänken mär dann un, un Gott ze denken  
Mär gin iwwer d'Liewen opgeklärt  
Wat huet dat, war huet dat fir en Wert

Et gët keen normalt Liewen op dëser Welt  
Et gët nëmmen een Liewen, keen wees wéi lang et hält

Fir wat gët em Politik an Relioun gestriden  
Gelidden huet d'Menscheet, keen as zefriden  
Mär gin iwwer Relioun opgeklärt  
wat huet dat, wat huet dat fir en Wert

Alles Schrott - Oh Gott  
Alles Schrott - Oh Gott  
Alles Schrott - Oh Gott  
Alles Schrott - Oh Gott

Fir wat machen mär Kricher an schloen openeen  
As 't Welt dann nët do fir jiddereen  
Fir wat as dat esou  
Firwat machen mär virun eisen Kanner einfach d'Aen zou

Alles Schrott - Oh Gott  
Alles Schrott - Oh Gott  
Alles Schrott - Oh Gott  
Alles Schrott - Oh Gott

## **Baby, Baby**

Du bas dat wat ech brauch  
Du bas fir mech ewéi een Schwier am Bauch  
Ech sin nët méi ze haalen, ech hätt dech einfach gär  
Oh du mäin Stär, komm probéier,  
Probéier dach eemol mat mär

Ech wees ech hun een klengen Tick  
Komm loss mär deen, ech brauch mäin klengen Kick  
Komm maach, komm maach, komm maach mat mär mäin Wee

Mär passen dach beieneen  
Dat wär, dat wär, dat wär dach OK.

Oh Baby Baby, ween as schon perfekt  
Oh Baby Baby, ween as schon korrekt  
Oh Baby Baby, ech wär gären deen, deen deng Wonnen leckt  
Oh Baby Baby, ween as schon perfekt  
Oh Baby Baby, ween as schon korrekt  
Oh Baby Baby, ech hun mäin Liewen néi entdeckt.

Ech dremen nach just vun där  
Ech sin total verknallt, ech hätt dech einfach gär  
Ech mengen et echt, fir mech as dat heiten keen Spill  
Ech hun bei eis zwee ganz einfach dat, dat richtegt Gefill.

Oh Baby Baby, ween as schon perfekt  
Oh Baby Baby, ween as schon korrekt  
Oh Baby Baby, ech wär gären deen, deen deng Wonnen leckt  
Oh Baby Baby, ween as schon perfekt

Oh Baby Baby, ween as schon korrekt  
Oh Baby Baby, ech hun mäin Liewen néi entdeckt.

## **Wat fréier woar**

Mengs du wirklech du gèifs mech kennen, an wees wéi ech sin  
Hues du dann schon gesin, wann ech unfenken Blöd ze gin  
Ech lossen mär näischt soen, ech maachen keng Versprieche  
Huel mech esou wéi ech sin, dann brauch ech keng ze brieche  
Ech wees wat ech maachen, dat wär dach fir ze laache  
Ech maachen wat ech wëll, ech soen wat ech wëll  
Ma ech, ma ech sin dach och nët Mëll

Los mech goen, ech maachen mäin Wee, ech wees wéi ech sin  
Ech wees das ech eenz gin, ech sin esou wéi ech sin  
Ech wëll mech amüséieren, vläicht och tätowéieren  
Ech maachen wat ech wëll, ech soen wat ech wëll  
Ma ech, ma ech sin dach och nët Mëll

Ech liewen mäin Liewen haut, haut an nët moar  
An ech zielen gär selwer, wat eemol eng kéier Fréier woar  
Fréier woar

Ech liewen mäin Liewen haut, haut an nët moar  
An ech zielen gär selwer, wat eemol eng kéier Fréier woar  
Fréier woar

## **Ech sin einfach gutt**

Ech singutt drop  
Just näischt fir drënner  
Wann ech eraus gin sin ech den Gewënner  
Ech wees ech sin einfach gutt  
An wann ech mat där fäerdeg sin  
Soen ech zu där plënner

Ech sin gutt drop  
An och just een Mann  
Ech maachen och just dat wat ech kann  
Ech wees ech sin einfach gutt  
An wann ech mat där fäerdeg sin  
Hues du een hannen dran

Du hues gemengt ech wär schwaach  
Bei mär geet ët direkt em d'Saach

Loss dech goen, Loss dech falen  
Ech wäerd nët versoen, Ech wäerd dech halen

Ech sin gutt drop  
An ech hun där ët besuergt  
Wann ech eraus gin, gët eng laang Nuecht  
Ech wees ech sin einfach gutt  
An wann ech mat där fäerdeg sin  
Hun ech dech flaach geluecht

Du hues gemengt ech wär Schwaach  
Bei mär geet ët direkt em d'Saach

Loss dech goen, Loss dech falen  
Ech wäerd nët versoen, Ech wäerd dech halen

## Scheppen As

Wann's du gären spills, dann sin ech däin Mann  
Du gewënns du verléiers, genau esou wéi ech  
'T Freed as d'Spill an du lees, 't as egal wat's du sees  
Du hëls dein Geld eraus, an eng Kaart déi's du brauchst

'T as geschass - Schëppen As  
'T as geschass - Schëppen As

Spillen fir déi héichsten Kaart, wierfelen mam Däiwel  
Ech sin ënner Strom, 't as een Spill fir mech  
Siwen oder Ass, alles kuckt, wees wen's du bas  
Egal wéi een Asatz, du bas hei op der falscher Plaz

'T as geschass - Schëppen As  
'T as geschass - Schëppen As

Fir ze verléieren gebuer, 't as verréckt  
'T as nach näischt verluer  
Ech spillen gär, ech liewen gär  
Op Rammie oder Poker, vergiess nët ech hun nach een Jocker

Du hues héich gesat, du wëlls mech gesin  
Kuck deng Kaart an kräisch, du gesäis aus ewei eng Läisch  
Ech heieren dech knaen, ech gesinn ët an den Aen

Ech sot zu där dat hei gët haart, hei as meng Kaart

'T as geschass - Schëppen As  
'T as geschass - Schëppen As

## Hal däin Mond

Doheem stenkt ët erëm no Soff  
Doheem as e wéi ëmmer decken Zoff  
Doheem fleien d'Fatzen, 't as erëm deck Loft  
An ët geschitt ëmmer méi oft

Alles huet säin Grond, just dat nët  
Ech sin keen Hond  
Hal däin Mond  
Alles huet säin Grond, just dat nët  
Ech sin keen Hond  
Hal däin Mond

Fir wat hun ech meng domm Maul gehalen  
Fir wat loossen ech mär dat gefalen  
Fir wat muss ech ëmmer léien

Ech hun keng Loscht, eng an d'Maul zu kréien

Alles huet säin Grond, just dat nët  
Ech sin keen Hond  
Hal däin Mond  
Alles huet säin Grond, just dat nët  
Ech sin keen Hond  
Hal däin Mond

Wéi kënt dat, dass ech nëmme Schäiss kann bauen  
Fir wat kann ech kenger Sau vertrauen  
'T mengt een grad ech hätt dat esou gewollt  
An wann ët fäerdeg as, as alles nach meng Schold

Alles huet säin Grond, just dat nët  
Ech sin keen Hond  
Hal däin Mond

## Null

Glew nët ëmmer dat wat d'Leit där zielen  
Du ganz deng Kollegen selwer eraus wielen  
Looss dech nët einfach béien

Loss dech nët esou einfach kleng kréien  
Du kann's op eis zielen, ziel op eis  
Lidder géint Péng, Lidder géint Péng sin deen beschten Beweis

Du bas keng Null, du bas keen dommen...  
Du mings du denks wéi kann dat sin  
Mär wëssen wéi ët as een Aasch ze sin  
Een Aasch ze sin

Mär sangen Lidder aus verrufenem Mond  
Déi knaschteg Welt dat as een gudden Grond  
Matt haarden Wieder maachen mär där d'Aen op  
An den aneren Leit dréint sech den Mo op d'Kopp  
Du kanns op eis zielen, ziel op eis  
Lidder géint Péng, Lidder géint Péng sin deen beschten Beweis

Du bas keng Null, du bas keen dommen...  
Du mings du denks wéi kann dat sin  
Mär wëssen wéi ët as een Aasch ze sin  
Een Aasch ze sin

Loss deen ganzen Schäiss dach haner där  
Den richteg Frënn hun dech esou wéi's du bas gär  
Waart dach nët bis Zäit dech opfrësst  
Et gët keen den déi schéin Zäit vergesst  
Du kanns op eis zielen, ziel op eis  
Lidder géint Péng, Lidder géint Péng sin deen beschten Beweis

Du bas keng Null, du bas keen dommen...  
Du mings du denks wéi kann dat sin  
Mär wëssen wéi ët as een Aasch ze sin  
Een Aasch ze sin



## **Belun an Bedrun**

Kumm den Aus wiirklech just vun mär  
Lung ët nët och un där  
Fir wat, fir wat hun mär eis haut nët méi gär  
Ween kann vun eis zwee dofir  
Du gees mär nët méi aus mengem Gehir  
Vun wou, vun wou kennt deen ganzen Haass elo hier

Dat Gelitts wëll ech nët méi  
Et deet zevill wéi  
Ech kann dech nët vorstoen, ech soot zu där géi  
Et gët keng Hoffnung méi fir dech  
Alles huet veränert, alles geet an d'Brech  
An dofir as dat Lidd fir dech

Belun, belun an bedrun  
Ech wëll näischt méi mat där ze din hun

Mär passen nët beieneen  
Dass besser jiddereen mecht säin Wee  
Belun, belun an bedrun  
Ech wëll näischt méi mat där ze din hun  
Mär passen nët beieneen  
Dass besser jiddereen mecht säin Wee

Eleng sëtzen ech an mengem Zëmmer  
Keng Gefiller, ech sot zu där plënner

Et as eriwer, eriwwer fir emmer  
Aus den Aen aus dem Sënn  
Gët ët wirklech nët nach méi schlëmm  
Ech muss dech vergiessen, ech wëll dech nët méi erëm

Belun, belun an bedrun  
Ech wëll näischt méi mat där ze din hun  
Mär passen nët beieneen  
Dass besser jiddereen mecht säin Wee

Belun, belun an bedrun  
Ech wëll näischt méi mat där ze din hun  
Mär passen nët beieneen  
Dass besser jiddereen mecht säin Wee

**Dibbek Nobes (so näischt)**

Bas du een Gatt schmonkert (Dreckegen Schmierert)  
Dann Schmonk mär den Gatt (Leck mech am Aasch)  
Looss mech mat Rou mat dengem Schmus (Geschwätz)  
Schuff dech du schwätz dach nëmmen Stuss (Pass op)  
'T deet mär Leed, mee wees dann wirklech keen ëm wat ët geet

Dat deet eis nach eng kéier Leed  
Hal op mat dibberen, du kanz mech klibberen (Schwätzen)

Dibbek Nobbes (So näischt)  
Strumm schibes a béng nobes (mach dech ewech a so näischt)

Mär sin nët immenz bekannt  
Mär sin eben en kléngt Land  
As eis Sprooch schon lang gebéiert (Doud)  
Mär sin nët crispéiert, mär wëssen wat sech gehéiert

'T deet mär Leed, ech fäerten dass eis Sprooch vergeet  
Mär wëllen dass wéinstens een eis versteet  
Dorober drénken mär een Patt - Schmonk mär de Gatt (Leck mech am Aasch)

Dibbek Nobbes (So näischt)  
Strumm schibes a béng nobes (mach dech ewech a so näischt)

Kann dann elo wirklech keen dat verkneisen (Verstoen)  
Do kéint een sech dach glaas an den Aasch bäissen

## Äiskal

Ech gin wakereg, an ët war een Horror fir d'Aen op ze maachen  
E war keen Dram, an mengem Keller huet een gehaangen.  
Ech sin also opgestaan, ech war esou schwaach  
Nët ganz bei der Saach, an esou midd, wat as geschitt

En schlechten Tripp an iwerall op der Mauer Blut  
Ech hun domm gekuckt, fir wat fannen ech dat gutt  
Wouhier huelen ech deen Mutt, as ët een Dram  
Sin ech iwerhapt opgestan, ech sin esou midd, wat as geschitt.

Et schéint Réalitéit huet mech erdreckt an ersteckt  
Ech mengen ech sin total verreckt

'T Fantasy brennt bei mär duech  
Ech sin nët méi normal - Äiskal an Brutal  
Ech sin nët méi normal - Äiskal an Brutal

Ech sin nët méi normal - Äiskal an Brutal  
Ech sin nët méi normal - Äiskal an Brutal

(Geschriwwe extra fir 3ième Nuit du Film Fantastique vun Cinénygma 97.)

## Fescher an Jeer

D'Fëscher  
an d'Jeer sin Plättelefeer  
Tralala, lalala, lalala, la  
D'Fëscher an d'Jeer sin Plättelefeer  
Tralala, lalala, lalala, la

Si hunn  
dréche Longen, 't sin duschtereich Jongen  
Si hunn dréche Longen, 't sin duschtereich Jongen  
D'Fëscher an d'Jeer sin Plättelefeer  
Tralala, lalala, lalala, la

De Jeer,  
deen huet vill auszeston, de Jeer, dee muss vill verdron  
Dach eppes dat verdréit hien nët, da's wann et näischt ze saufen gët  
Wéi oft war him bal d'Häärz vermuuscht, aus iwwerschwengelechem Duuscht!

Refrain:  
D'Fëscher an d'Jeer sin Plättelefeer ...

Am Jeer, do  
ass gewëss gutt Stofft  
mä näischt ziert méi ewéi fresch Loft  
Wann si allzäit dobausse sin

da kritt hien gudden Appetit!  
Huet hien de ganzen Dag gejoj  
da brauch hien keng Zalot beim Brot!

Refrain:  
D'Fëscher an d'Jeer sin Plättelefeer ...